

Lëtzebuerg, den 2. März 2020

Piraten-Sectioun Péiteng
A l'attention de M. Welter et M. Goergen
B.P. 83
L-7201 Bereldange

Äre Bréif vum 14. Februar 2020 betreffend d'Schléissung vun der Agence Rodange

Här Goergen, Här Welter,

Mir hunn ären ueweganante Bréif kritt a soen lech merci, dass Dir Är Reaktioun an Är Reflexiounen zu dësem Sujet mat eis deelt.

Mir bestätegen heimat nach emol, dass den Transfert vun den Aktivitéite vun der Agence Rodange op, ënnert anerem, d'Agence Péiteng, een Deel vun der strategescher Decisioun duerstellt fir de gesamte Réseau vun den Agencen vun der Spuerkeess ze moderniséieren an ze optimiséieren. An deem Sënn verséchere mer lech, dass et fir d'Spuerkeess vun äusserster Wichtigkeet ass a bleiwt, eng Bank no beim Client ze sinn, an déi perséinlech Berodung a Betreuung vum Client méi wéi je eng absolut Prioritéit ass.


Fir ze garantéieren, dass ons gesamt Clientèle vun dëser Optimisatioun profitéiere kann, ass ee vun onsen Hauptuleien, fir all eenzelne Client duerch dës Verännerung ze begleeden, an him beim Ëmstelle vu senge Gewunneschte wat d'Ofwéckele vu senge Bankgeschäfte betrëfft, optimal ze assistéieren, sierf dat um Niveau vum "Digital Banking" oder awer och um Niveau vun aneren Alternativen zum physesche Guichet, wéi z.B. ënnert anerem de Service vum neie Contact Center Spuerkeess Direct, der Agence Mobile, oder och nach dem zukünftege Service "Cash at Home", deen dem Client et erlaabt seng Suen einfach a bequem heem ze bestellen. Déi verschidde Punkten sinn och schons bei engem Zesummentreffen tëscht Verrieder vun der Spuerkeess an der Gemeng Péiteng ugeschwat ginn.

Dir bemierkt ganz richtig, dass net all Leit an der Lag sinn, bei de modernen Technologien matzekommen. Dat ass eis bewosst an dat ass ee vun de Grënn, aus deene mir seit dem Oktober 2019 eis Agence Spuerkeess Direct opgemaach hunn. Hei kann ee vu 7-19 Auer ganz einfach via Telefon op der Nummer 4015-1 urufen, an en disponibelen a kompetenten Agent vun der Spuerkeess erfëllt dem Client séng Transaktiounen ouni, dass dësen iergendeen techneschen Equipment oder digitalt Wëssen brauch. Natiirlech kann ee Spuerkeess Direct och via mail kontaktéieren.

Doriwwer eraus, behält d'Spuerkeess mat hiere 54 Agencen an iwwert 150 Bancomaten, eng grouss physesch Präsenz uechtert d'Land, an huet op deene verschiddene Siten d'Öffnungszäiten un d'Wënsch an un d'Besoinen vun de Clienten ugepasst.

Mir hoffen, lech mat dësen Informatiounen weidergeholfen ze hunn, a soen lech merci fir Äert Verständnis.

Mat frëndleche Gréiss,



Romain WEHLES

Directeur

Membre du Comité de direction



Françoise THOMA

Directeur Général

Président du Comité de direction